ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. November 2015

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Banneminister an un d'Madame Minister fir de Wunnengsbau weiderzeleeden.

Wéi den Här Banneminister de 15. Oktober mueres op engem lëtzebuergesche Radio iwwer d'Migrantekris gefrot gouf, huet seng lescht Äntwert e Regierungsprogramm betraff, dee sollt de Migranten hëllefe fir Wunnengen an de Gemengen ze fannen. Hien huet zouginn, dat d'Lag um Wunnengsmaart och scho virun der Migrantekris ugespaant war an datt vill Awunner am Land Schwieregkeeten hunn, fir eng fir si adequat Wunneng ze fannen. Hien huet erkläert, datt dee Programm, deen elo fir d'Migranten ugefaange gëtt zur Halschent och soll Stéit vu Lëtzebuerg zegutt kommen déi scho laang eng Wunneng sichen an op de Waardelëschten vum Fonds de Logement an der SNHBM (Société nationale d'Habitations à bon marché) ageschriwwe sinn. D'Gemenge solle Wunnengen um Wunnengsmaart lounen an un d'Leit weiderverlounen (Sous-location).

An dem Zesummenhank wéilt ech dem Här Banneminister an der Madame Minister fir de Wunnengsbau dës Froe stellen:

1. Wéini soll dee Programm, den den Här Minister ugekënnegt huet, ulafen?

2. Wéi vill Wunnenge mengt d'Regierung op dësem Wee kënnen disponibel ze maachen?

3. Ass schonn un eng finanziell Gréissenuerdnung vun dësem Programm geduecht ginn oder gëtt de Programm mat illimitéiertem Budget lancéiert? Fir wéi en Zäitraum ass déi Moossnam virgesinn?

4. Iwwerhëlt d'Regierung, respektiv d'Gemeng, an dem heite Fall och d'Bankgarantie fir de Wunnengsbesëtzer an ass si haftbar, wa Schied an der Wunneng sollten entstoen? Oder ginn déi Responsabilitéiten un d'Souslocataire viru gereecht?

5. Wéi héich ass déi finanziell Eegebedeelegung vun deene Persounen déi en Asylantestatut kritt hunn, respektiv vun deenen déi esou e Statut (nach) net hunn?

6. Wéi gëtt garantéiert, datt Awunner hei aus dem Land géintiwwer Migranten déi nei ukomm sinn net benodeelegt ginn? Wéi sinn d'Regele fir d'Verdeelung tëschent Awunner a Migranten a wéi ginn des Regele kontrolléiert ? U wien kann e Bierger sech adresséieren, wann en sech benodeelegt fillt ?

7. Vu wéi engem Zäitpunkt an der Prozedur un, kënne Migranten esou eng Wunneng kréien?

8. Wann d'Regierung weess, datt d'Situatioun um Wunnengsmaart hei am Land gespaant ass, firwat kënnt dës relativ einfach Moossnahm elo eréischt?

9. Wär esou e Programm net schonns virun der Migrantekris denkbar gewiescht fir anere Leit hei am Land, déi an enger schwiereger Situatioun sinn, ze hëllefen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten